



CONSEIL COMMUNAL d'ERPELDANGE - SUR - SÛRE

Séance du 19 septembre 2023

Présents: Gleis - **bourgmestre**
Schaeffer, Kuffer - **échevins**
Bauler, Blom, Ferigo, Lacour, Leider, Tessaro -
conseillers
Troes - secrétaire communal

Excusé(s) : néant
Absent(s) : néant

Ordre du jour

1. *Déclaration du collège des bourgmestre et échevins.....2*
2. *Fixation des taux d'impôt foncier et d'impôt commercial exercice 20246*
 - a. *Fixation des taux d'impôt foncier - exercice 2024.....6*
 - b. *Fixation du taux d'impôt commercial - exercice 2024.....6*
3. *Transaction immobilière : acte d'échange de terrains à Erpeldange-sur-Sûre.....7*
4. *Rapport des délégués aux syndicats intercommunaux7*
5. *Divers / point d'information sur des sujets d'actualité et questions orales.7*

1. *Déclaration du collège des bourgmestre et échevins*

Le collège des bourgmestre et échevins présente sa déclaration pour la période de 2023 à 2029 :

Schäfferotserklärung 2023 - 2029

No de Gemengewale vum 11. Juni huet den nei gewielte Gemengerot majoritär decidéiert, dass de Schäfferot sech follgendermoossen zesumme setzt :

Buergermeeschter : Claude GLEIS

Schäffen : Léa SCHAEFFER

Schäffen : Frank KUFFER

Den neie Schäfferot wëll **méi transparent a kooperativ schaffen**, souwuel no bannen, also am Conseil, wéi och no baussen am Kontakt mat der Populatioun. Dat gëllt zum Beispill fir d'Sitzunge vum Gemengerot, déi mer der Populatioun wëllen zougänglechmaachen (Audio) oder d'Reunioune vun de Syndikater, wou mer vertrauede sinn, wou de Conseil reegelméisseg soll informéiert ginn. Bei reegelméisseg Biergerversammlunge wäerte mer informéieren u wéi enge Projete mer schaffen an da kënnen d'Bierger eis och hir Doleance mat op de Wee ginn. Souguer beim Budget soll d'Populatioun kënnen zu engem Deel mat bestëmmen a Projeten era reechen (Participative Budget).

Wat **d'Infrastrukturen** ugeet, hu mer zwee grouss Projeten op der Lee. Dat eent ass de **Gemengenatelier**, deen ze kleng an zum Deel net méi konform ass. Dee Projet musse mer direkt ugoen. Dat zweet ass eng **nei Schoul**, déi mer direkt hannendru plangen abauen.

Wann een d'Finanzsituatioun vun eiser Gemeng kennt, da weess een, dass domadder kee Sputt méi bleift fir weider grouss Spréng ze maachen. Natierlech wäerte mer awer och op anere Plazen investéieren a probéieren de Bierger hir Liewesqualitéit ze verbessern.

D'**Nordstad-Fusioun** bleift een Thema. Do mussen awer elo endlech **Neel mat Käpp** gemaach ginn, entweder an déi eng, oder an déi aner Richtung. An egal wat d'Politiker aus deene 5 Gemengen a Punkto Fusioun plangen : um Enn hutt dir an dir eleng dat decisiivt Wuert beim **Referendum**.

Mir hoffen op eng gutt a flott Zesummenaarbecht mat de Kolleegen aus dem Gemengerot an och mat de Bierger, wëll just **zesumme kënnen mer eppes erreechen** fir eis alleguer.

Op den nächste Säite fannt der dofir eng Rei vu Projeten, déi mer bis 2029 wëllen ëmsetzen.

Verdeelung vun de Ressorten am Schäfferot :

Claude GLEIS, Buergermeeschter :

Gemengepersonal
Urbanismus, Bebauungsplang
Drénkwaasser, Ofwaasser, Héichwaasser
Infrastrukturen a Gemeengegebaier
Kierfechter a Feldweeër
Sécherheet, Police a Rettungsdéngschter
Regional Zesummenaarbecht : Nordstad
3ten a 4ten Alter

Léa SCHAEFFER, Schäfte :

Schoul a Kannerbetreung
Soziales
Logement
Chancegläichheet an Integratioun
Ëmwelt an Energie
Landwirtschaft a Forstwirtschaft

Frank KUFFER, Schäfte :

Finanzen a Budget
Offallgestioun a Recyclage
Mobilitéit
Fräizäit, Sport a Kultur
Jugend
Kommunikatioun
Digitalisatioun an Informatioun

De Programm bis 2029

• **Eng partizipativ Gemengeféierung**

- + Berodend Kommissiounen asetzen :
 - Commission des bâtisses, du développement communal et desinfrastructures
 - Commission culturelle, des sports, de la jeunesse et des associations
 - Commission du développement durable, de l'environnement et de l'énergie
 - Commission des finances
 - Commission de l'information et de la communication
- + Gesetzlech virgeschriwwe Kommissiounen besetzen :
 - Commission scolaire
 - Commission consultative communale de l'intégration
- + Alljärelech Informatiounsversammlung fir d'Bierger
- + Nei Medien ausbauen
- + "Journée d'accueil" fir déi nei Matbierger kombinéiert mat engem Veräinsdag
- + Streaming vun de Gemengerotssëtzungen

- **Infrastrukturen a Gemengegebaier**

- + Ëm-an Ausbau vum Gemengenatelier
- + Neie Waasserbehälter um Goldknapp fir Ierpeldeng-Sauer
- + Deelweis Renovatioun vum Schlass (baussen)
- + Reamenagement am Schlass fir eng méi biergerfrëndlech Administratioun
- + Als Gemeng Sozialwunnengen uschaffen a verlounen
- + Héichwaasserschutz à jour halen
- + Synergie mam nei geplangten Nordstadlycée ausschaffen (Schwämm, Sportshal, Festsall etc.)
- + Energieetesch Sanéierung vu Gemengegebaier
- + Barrièrefräi öffentlech Gebaier an Trottoiren

- **Schoulcampus a Kannerbetreuung**

- + Nei Zentralschoul zesumme mam Léierpersonal plangen a bauen
- + Vergréisserung vun der Maison Relais fir ze garantéieren, dass all Kand aus der Gemeng eng Plaz an der Maison Relais kritt
- + Am Kader vum Plan d'Encadrement Périodique (PEP) d'Zesummenaarbecht tëscht Schoul, Maison Relais, Elteren an de lokale Veräiner verbessern.
- + D'Schoulequipement permanent un déi nei Technologien upassen
- + De séchere Schoulwee zeechnen an de Verkéier ronderëm de Schoulcampus berouegen

- **Mobilitéit a Stroosseninfrastrukturen**

- + Amenagement vun der Rue Jean Melsen
- + Amenagement vun der Rue Kettenhouscht
- + Amenagement vun der Rue Castille
- + Stroossebelag bei der Laduno deelweis erneieren
- + Hauptstrooss zu Bierden berouegen (zesumme mat de P.&Ch.)
- + Porte des Ardennes Ierpeldeng berouegen (rout Luucht, Shared-Space)
- + Zone 30 a Spillstroossen ëmsetzen
- + Feldweeër no an no erneieren
- + Vëlos-Infrastruktur upassen
- + D'Iddi vun engem Pôle d'échange zu Angelduerf ënnerstëtzen
- + Öffentlechen Transport zu Bierden am 1/2 Stonnentakt

- **Regional Zesummenaarbecht, Nordstad**

- + Nordstadfusioun zu 5 probéieren : kucken ob nach all Gemeng zu 100 Prozentderhannert steet. Wa Jo, dann :
 - Délibération d'intention de fusionner
 - Konkret Projeten ausschaffen
 - Personal- a Politesch Froe klären
 - Staatlech Hëllef aushandelen
 - Iwwergangsphase (6 Joer ?) definéieren
 - Konventioun (Gesetzprojet) virum Referendum mat ausschaffen
 - Referendum

- + Den interkommunale Syndikat SINO stäerken
- + Regionaalt Drénkwaasserkonzept ausschaffen
- + Sportinfrastrukturen an der Nordstad koordinéieren

- **Urbanismus an attraktiv öffentlech Raim**

- + Punktuell Upassungen vum PAG an dem Bautereglement
- + Eng nei beliebten Duerfplaz beim PAP Mathey
- + Café-Restaurant "A Maesch" konform setzen an exploitéieren
- + Öffentlech Drénkplazen an den 3 Uertschafte vun der Gemeng
- + Gemeinschaftsgäert schafen a verlounen
- + Neie, iwwerschaffte PAP Laduno stëmmen

- **Eng wäitsiichteg Finanzpolitik**

- + De Plan Pluriannuel Financier (PPF) fir déi nächst 6 Joer festleeën
- + Participative Budget : d'Awunner kënnen selwer kleng Projeten era reechen
- + Sech asetzen, dass d'Gemeengefinanzen un de CDA gekoppelt ginn

- **Ëmwelt an nohalteg Energiepolitik**

- + Sech fir een alternative Standuert vun der Wandkraaftanlag bei Bierdenasetzen
- + Photovoltaik op öffentlechen a private Gebaier förderen an ënnerstëtzen
- + Nei Luetstationen fir E-Mobilitéit
- + Beliichtung vun de Stroossen no an no op LED ëmrëschten
- + d'Aartendiversitéit bannen a baussent den Uertschaften erhalen a förderen
- + de kommunale Bësch nohalteg opforsten
- + Alternativen zu Ewee-Becheren an Ewee-Geschier ubidden an eis Veräiner beim Organiséieren vu Manifestatiounen an enger aktiver Offallvermeidung beroden an ënnerstëtzen

- **Eng Gemeng fir all Generatiounen**

- + Kanner- an/oder Jugendgemengerot
- + D'Aarbecht mat der Jugend an de lokale Clibb ënnerstëtzen
- + Benevolat förderen mat ënnert anerem enger "Journée du bénévolat"
- + Nordstadjugend (2 Jugendhaiser, Jugendwunnen & lokal Aktivitéiten) weider ënnerstëtzen
- + Zesumme mam Nordstad Aktiv +, Fräizäitoffere fir Senioren (3ten a 4ten Alter ausbauen
- + D'Offer vum Nighthop och zu Bierden ubidden

Mat dësem ambitiëse Programm, wëll den neie Schäfferot eis Gemeng mat hiren 3 Dierfer an den nächste 6 Joer weider no vir bréngen. Ierpeldeng-Sauer spillt, mat oder ouni Fusioun, eng zentral Roll tëscht den zwee groussen Noperen Ettelbréck an Dikrech a mir wäerte bis d'Enn vun dëser Legislaturperiod massiv wuessen. Besonnesch déi finanziell Erausforderunge sinn enorm. Mir sinn eis bewusst, dass et nach aner Projete ginn, déi een hätt kéinte, sollen oder misste maache mä de finanzielle Spillraum ass ganz enk wa mer eis net wëllen onverantwortlech verschëlden. Egal wéi, wäert eis Schold awer an den nächste Joren däitlech klammen. Mir hoffen op äert Versteesdemech an op d'Zesummenaarbecht vum Gemengerot, well mer dat alles just zesumme kënnen maachen. Mir wäerten net all Bierger all Wonsch kënnen erfëllen a mussen och emol Decisiounen huelen, déi deem engen oder aneren net esou gefalen. Mir maachen awer eist Bescht fir zum **Wuel vun der Allgemengheet** ze schaffen.

2. Fixation des taux d'impôt foncier et d'impôt commercial exercice 2024

a. Fixation des taux d'impôt foncier - exercice 2024

Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer pour l'année 2024 comme suit les taux de l'impôt foncier communal :

A :	440%	(propriétés agricoles et forestières)	440%
B1 :	660%	(constructions commerciales)	660%
B2 :	440%	(constructions à usage mixte)	440%
B3 :	220%	(constructions à autre usage)	220%
B4 :	220%	(maisons unifamiliales et maisons de rapport)	220%
B5 :	440%	(immeubles non bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation)	440%
B6 :	440%	(terrains à bâtir à des fins d'habitation)	440%

b. Fixation du taux d'impôt commercial - exercice 2024

Le conseil communal décide à l'unanimité de fixer pour l'année 2024 le taux de l'impôt commercial à 300 %.

3. Transaction immobilière : acte d'échange de terrains à Erpeldange-sur-Sûre

Le conseil communal à l'unanimité des voix décide d'approuver l'acte d'échange sans soulte n° 10477 conclu le 7 septembre 2023 pardevant Maître Marc Elvinger, notaire de résidence à Ettelbruck, par lequel les propriétaires ont échangé avec l'administration communale d'Erpeldange-sur-Sûre des parcelles d'une surface de 39,10 ares et inscrites au cadastre de la commune d'Erpeldange-sur-Sûre, section B d'Erpeldange lieu-dit « In der mittelsten Gewinn » et « Am Groif »

n°	Numéro	Lieudit	Nature	Contenance	Nom propriétaire
1	1606/2841	Am Groif	terre labourable	9,70 are	Privé
2	1744/5039	In der mittelsten Gewinn	terre labourable	26,30 are	Privé
3	1744/5040	In der mittelsten Gewinn	terre labourable	3,10 are	Privé
4	1764/2844	In der mittelsten Gewinn	terre labourable	11,10 are	Erpeldange, la commune
5	1747/5042	In der mittelsten Gewinn	terre labourable	28,00 are	Erpeldange, la commune

L'échange a été réalisé dans le cadre d'une utilité publique à savoir la réalisation des projets de construction d'une nouvelle école fondamentale et de l'élargissement de la voirie vicinale à Erpeldange-sur-Sûre

4. Rapport des délégués aux syndicats intercommunaux

Léa Schaeffer informe les membres du conseil communal sur l'audit réalisé dans le cadre du Pacte Climat 2.0.

5. Divers / point d'information sur des sujets d'actualité et questions orales.